adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Asyl- an Immigratiounsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit mierkt ee beim Liese vun der Lëtzebuerger Press, datt hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi Scheedunge vu Leit aus Eritrea agereecht ginn. Dacks liest een dobäi den Zousaz „*sur fondement de l'article 600 du code civil érythréen*". Et fält beim Liese vun dësen „*Avis de divorce*" och op, datt bei ville Koppelen de Wunnuert vun der Fra oder vum Mann net bekannt ass.

An dësem Kontext hätte mir dës Froen un d'Regierung:

1) Ginn et genau Donnéeën doriwwer, wéi vill Mënschen aus Eritrea an deene leschte Joren eng Scheedung zu Lëtzebuerg agereecht hunn?
2) Kann d'Regierung Grënn nennen, firwat esou vill Mënschen, déi aus Eritrea kommen, zu Lëtzebuerg eng Scheedung areechen?
3) Leien der Regierung Donnéeë vir, wat d'Finanzéierung vun dëse Scheedunge betrëfft? Sinn zum Zweck vun esou Scheedungen Affekoten iwwer *d'assistance judiciaire* bezuelt ginn? Wa jo, wéi héich wor de Käschtepunkt am Ganzen?
4) Huet d'Regierung Informatiounen doriwwer, wéi vill vun dëse Mënschen zu Lëtzebuerg enger regulärer Aarbecht noginn?
5) Wéi vill vun dëse Leit kréien, am Moment, wou si sech scheede loossen, hei zu Lëtzebuerg de REVIS (Revenu d'inclusion sociale)? Ginn et Fäll vu Persounen, déi hei am Land de REVIS kréien, obschonns se mat enger Persoun bestuet sinn, déi an Eritrea lieft oder där hiren Openthaltsuert onbekannt ass?
6) Leien der Regierung Informatioune vir, a wéi ville Fäll sech de legale Status vun dëse Leit no der Scheedung verännert huet? Wa jo, a wéi enger Form huet sech an dëse bestëmmte Fäll de legale Status duerch d'Scheedung verännert?
7) An Eritrea schéngt de Prozentsaz vu Fraen, déi d'Affer vu Genitalverstümmelung ginn, héich ze sinn. Kann d'Regierung erklären, ob et hei zu Lëtzebuerg een Zesummenhank gëtt tëscht der héijer Scheedungszuel vu Mënschen aus Eritrea an der héijer Zuel vu Fraen, déi an hirem Heemechtsland dës Tortur iwwer sech hu missen ergoe loossen?

8) Kann d'Regierung erklären, ob et ganz allgemeng een Zesummenhank tëscht der relativ héijer Zuel vu Bénéficiaires de protection internationale aus Eritrea hei am Land (laut WorldData.info goufen 2019 180 Mënschen aus Eritrea als BPI vu Lëtzebuerg unerkannt, Source: https://www.worlddata.info/europe/luxembourg/asylum.php) an de Modalitéite vun de Scheedungen hei am Land gëtt? Gëtt et eng Zort vu «Scheedungstourismus» bei der Auswiel vu Lëtzebuerg als méiglecht Asylland?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742